# 10 000 Euro fir d'Amicale vum Maacher Foyer Pietert

Viru kuerzem war am Gréiwemaacher „Foyer Pietert" eng sympathesch Feierstonn, bei där Jonker vun enger 12e technique aus dem Lycée vun Iechternach e Scheck iwwer 10 000 Euro un d'Präsidentin vun der „Amicale Foyer Pietert", Muschi Silbereisen, iwwerreecht hunn. Am Kader vum Schoulprojet 2005 haten dës Klass a ganz besonnesch d'Josiane Bartz, den David Bauler, d'Yana Frantzen an d'Anne Petry mat hirem Professer Jean-Claude Zeien derfir optéiert, fir déi behënnert Matmënschen aus dem Maacher Foyer Pietert ze ënnerstëtzen.

Zu Berbuerg hu si e Bal fir Jonker organiséiert, deen e groussen Erfolleg gi sollt. Net nëmmen d'Präsidentin vun der Amicale, mä och déi genannt Schülerinnen a Schüler an hire Professer waren zesumme mam „Chargé de direction" vum Maacher Foyer Pietert, Claude Geimer, mat Comitésmembere vun der Amicale, mat behënnerten Awunner an hirem Personal derbäi, wéi de Scheck iwwerreecht gouf. D'Geld ass ë. a. geduecht fir flott Gaardemiwwele fir d'Bewunner vum Foyer Pietert ze kafen an d'Präsidentin huet där sympathescher Equipe vun der 12e technique vun Iechternach nach e ganz häerzleche Merci gesot. (Text: m.h. / Photo: Luss Schiltz)